

Da komme mer zur Motioun 2. Do ass kee Vote électronique verlaangt.

Vote

Ween ass dofir? Deen ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ween ass dogéint?

Ech stelle fest: D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Dann hu mer als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung d'Proposition de loi 4670 vun den Häre Paul Helminger a Laurent Mosar iwwert de Régime des cabarets.

Sou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement festgehalen ass, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, de Fraktiounen an der Regierung jeweils 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung. D'Sensibilités politiques hunn Urecht op fënnf Minutten.

Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Fayot an Henckes, d'Mme Wagener an den Här Jaerling.

Elo huet als éischte vun deenen zwee Auteuren d'Wuert den honorablen Här Paul Helminger.

3. Proposition de loi 4670 modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

M. Paul Helminger (DP), auteur. - Merci, Här President.

Et ass kloer, datt d'Nuetsliewe fir all déi, déi mat Gemengepolitik ze dinn hunn, e wesentlecht Element vun der Liewensqualitéit, der Attraktivitéit, der Dynamik an der Convivialitéit vun enger Stad ass. Et ass och grad sou kloer, datt dat Nuetsliewen déi Liewensaarten, déi et an enger Gesellschaft gëtt, déi jo forcément changéieren, reflétéiert.

Wat net changéiert, dat ass d'Noutwendegkeet, fir e gesonden Équiliber ze halen tëscht deenen, déi wëllen erausgoen a sech ameséieren, an deenen, déi owes frou sinn, wa se doheem, no engem Dag Aarbecht, déi néideg Rou fannen. D'Intérêten an d'Rechter vun deenen engen an deenen anere sinn an den Ae vun den Auteurs vun dëser Proposition de loi gläich respektabel.

Bis elo ass et jo sou, datt d'Schléissungsstonn vun den Débits de boissons am Prinzip op eng Auer moies festgelegt ass an ënner bestëmmte Bedingunge ka bis dräi Auer moies duerch de Buergermeeschter verlängert ginn. An deene meeschte Länner - ech wëll drop opmierksam maachen - läit déi Schléissungsstonn schonn haut bei fënnf Auer moies. Et gëtt souguer Länner a Stied - ech denken u Bréissel -, wou et déi Regelung vun enger Schléissungsstonn iwwerhaapt net gëtt!

Mir müssen allerdings op där anerer Säit och feststellen, datt d'Implantatioun vun deenen Etablissementer, an

deenen d'Nuetsliewe sech ofspilt, an der Vergaangenheet e bësse chaotesch gewuess ass, well déi Regeln, no deene se sech etabléiert hunn, wou se sech etabléiert hunn, wéi se funktionéieren, net ëmmer ganz prezis waren, an et ass dofir och net verwonnerlech, datt bei munche vun hinnen déi inévitable Nuisancen, déi sech ronderëm an an deenen Etablissementer bemierkbar maachen, net reglementéiert waren.

Mir sinn an deem Sënn der Meenung, datt een also éischtersoll den Équiliber respektéieren, zweetens deenen neie Manéieren, wéi d'Gesellschaftsliewe sech entfaltet, soll Rechnung droen an drëttens virun allem awer och deenen, déi erausginn, deenen, déi an dat Nuetsliewen investéieren, deenen, déi dat Nuetsliewe gëriere sollen, méi eng grouss Rechtssécherheet soll ginn.

Mir proposéieren elo net e ganze Chambardement vun där Reglementatioun. Mir sinn der Meenung, datt mer am Prinzip sollen dobäi bleiwen, datt vu sechs Auer moies bis nuets eng Auer soll op sinn. Et besteet och d'Méiglechkeet vun allgemengen Dérogatiounen. An all Gemeng kann de Gemengerot festleeën, datt et u bestëmmten Deeg wéi Nationalfeierdag oder Kiermesdeeg eng allgemeng Dérogatioun ka ginn.

Et gëtt awer och individuell Dérogatiounen, déi de Buergermeeschter ka ginn, fir méi laang op ze hunn. Am Prinzip sollen déi Dérogatiounen - esou wéi bis elo - op dräi Auer beschränkt sinn.

Mir sinn allerdéngs der Meenung, datt et soll méiglech sinn, fir do, wou den Équiliber tëscht de Rechter vun de Résidenten an de Rechter vun deenen, déi wëllen owes erausgoen, ka gewährleescht ginn, fir de Buergermeeschter, fir deenen Etablissementer ze erlaben, fir bis moies 6 Auer op ze hunn.

Do gëtt et zwou Konditiounen. Déi éischt ass déi, datt esou en Etablissement net selwer an enger Zone résidentielle situéiert ass. Zweetens muss den Etablissement och iwwert déi néideg Infrastrukture verfügen, fir déi Clienten unzehuelen, déi sech mat hirem eegenen Auto déplacéieren. Et ass d'Realitéit, datt trotz eisen Efforen nach ëmmer vill Leit hiren Auto benotzen. Ech weess, datt eng Rei Gemengen do ganz grouss Effore maachen an och an Zukunft nach wäerte maachen, fir e gréisstméiglechen Deel vun deenen Déplacementer, déi mam Nuetsliewen zesummenhängen, op den öffentliche Transport ze kréien.

Nach ass et esou, datt e ganz groussen Deel vun de Leit, déi owes wëllen erausgoen, sech am eegenen Auto déplacéieren wëllen, fir déi zousätzlech Fräiheet ze hunn. Et muss also esou sinn, datt déi Etablissementer, déi déi Leit bis moies 6 Auer ëmfänke wëllen, och déi néideg Méiglechkeeten hunn, fir déi Gäschter esou ze ëmfänken, datt keng Nuisancen duerch deen Autoverkier entstinn, dee ronderëm déi Etablissementer entsteet. Och wann déi Etablissementer selwer an enger Zone sinn, wou keng Nuisancen entstoe kënnen, esou dierfen déi Nuisancen sech awer net an d'Quartiers résidentiels ausbreeden.

Et ass an deem Sënn, wou de Kolleeg Laurent Mosar an ech eng Proposition de loi virbruecht hunn. Wéi gesot soll déi et dem Buergermeeschter erlaben, fir d'Öffnungszäit iwwert déi Dérogatiounen eraus, déi am Moment méiglech sinn, ënnert deenen zwou Konditiounen bis 6 Auer auszedehnen.

Ech soen nach eng Kéier, datt et sech net ëm Etablissementer handelt, déi an enger Zone résidentielle leien. Anerersäits mussen déi néideg Moosname geholl gi sinn, fir datt déi, déi sech mam eegenen Auto déplacéieren, kënnen ënnerdaach kommen, ouni Nuisancen an deene Quartiere rondrëm ze verursaachen. Wann déi zwou Konditiounen erfëllt sinn, da soll de Buergermeeschter d'Recht kréien, fir déi Zäit bis op 6 Auer moies auszedehnen.

M. le Président.- Den Här Laurent Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar (CSV), co-auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech a mengen Ausféierunge méi mam zweeten Deel vun der Proposition de loi vu mengem Kolleeg Paul Helminger a vu mir selwer beschäftegen, nämlech mat deem stroferechtlichen Deel.

Ech erlabe mir do, ganz kuerz op déi aktuell Situatioun, esou wéi se am Gesetz iwwert de Cabarettage vum 29. Juni 1989 festgehalen ass, zrëckzekommen. Do sinn u sech zwou Zorte vu Strofen oder Sanktiounen fir déi Exploitanten virgesinn, déi sech net un d'fräi Nuechten halen.

Déi éischt sinn Amendementen, déi vun 10.000 bis 40.000 Frang kënnen goen. Déi zweet Zort vu Sanktioun ass déi sougenannten Interdiction de tenir un débit de boissons. Hei ass vum Gesetz virgesinn, datt dës Strof minimal zwee Joer bedroe muss. Si ka maximal bis zu 5 Joer goen. Dës Strof - an dat mécht se e bësse particulière - ka just vun engem Geriicht gesprach ginn, an net vun ierendenger anerer Institutioun.

Wann ee kuckt, wat dës Strofe fir Effeten hunn, da muss ee constatéieren, datt se éischters net méi zäitgeméis, zweetens net dissuasives an drëttens extrem komplizéiert sinn.

Dofir gesi mir an eiser Proposition dräi Neierunge vir.

Fir d'alleréischts schloe mir vir, datt d'Amendementen bis zu 500.000 Frang goen, well mir einfach mengen, datt haut kee Wiert sech duerch eng Amende vun 10.000 oder 20.000 Frang dovun ofhale léisst, fir déi Schléissstonnen net ze respektéieren.

Zweetens proposéiere mir e Réaménagement vun där sougenannter Interdiction de tenir un débit de boissons. Déi ass elo guer net effikass, well do just eng Strof vun 2 bis 5 Joer virgesinn ass. Or, wann een engem Wiert de Café während zwee Joer zoumécht, dann ass dat equivalent mat enger Faillite, esou datt kee Geriicht esou wäit

geet, fir esou eng Strof ze prononcéieren. Mir proposéieren also, datt an Zukunft esou eng Interdiction ka fir een Dag geschwat ginn, bis maximal 5 Joer.

Déi drëtt Neierung, déi mir proposéieren, ass déi, datt an Zukunft de Buergermeeschter soll d'Kompetenz kréien, fir esou eng Interdiction auszeschwätzen. Hien huet awer nëmmen d'Méiglechkeet, fir dat vun engem Dag bis zu engem Mount ze maachen. Dat heescht, iwwer ee Mount kann e Buergermeeschter keng esou eng Sanktioun aussprieche.

Géint dës Décisioun huet dann och deejéinege Wiert, dee mengt, e kéint net domat d'accord sinn, e Recours virum Verwaltungsgeriicht zegutt. Dat kann herno natierlech och bis bei d'Cour administrative goen, wann e mat deem éischte Geriichtsuerteel net averstanen ass.

Ech wëll och hei vläicht rappeléieren, datt dës Proposition conforme mam Koalitiounsaccord ass, wou steet - ech erlabe mir, dat ganz kuerz ze zitéieren -: "De même la loi sur le cabarettage sera modifiée, de façon à conférer aux bourgmestres le pouvoir de fermer temporairement un débit de boissons." Dat, wat mir also hei virgesinn, passt also ganz genau an de Koalitiounsprogramm.

Als Schlussfolgerung erlaabt mir vläicht ze soen, datt dës Gesetzesvorschlag vum Kolleeg Paul Helminger a vu mir selwer wesentlech méi den heitege Gegebenheeten entsprécht. Ech wëll och nach eng Kéier drun erënnere, datt och viru kuerzem hei an der Chamber eng Petitioun vun iwwer 4.000 Leit ofgi ginn ass, déi sech kloer dofir ausgeschwatt hunn, datt bei fräi Nuechte bis 6 Auer soll opgemaach ginn.

Ech mengen awer och, datt, wann d'Nuetsliewe méi attraktiv gëtt duerch esou eng Proposition de loi, si awer gläichzäiteg d'Konditiounen an d'Garantië virgesäit, fir datt dës zousätzlech Animatioun net op Käschte vun der Liewensqualitét vun den Awunner aus deenen eenzelne Wunnquartiere goen däerf.

Ech géif dofir mengen, datt dës en équilibréierte Vorschlag wär, an de Paul Helminger an ech wäer frou, wann Dir dee géift ënnerstëtzen.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

Discussion

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Auteuren - a besonnesch den Här Helminger - hu menger Meenung no weinst sengem schlechte Gewëssen dës Proposition eraginn. Virun de Walen - mat ganz grousser Demagogie - huet hien et nämlech fäerdeg bruecht, fir a Quartieren, wou mol erëm e bësse Liewen an d'Stad komm ass, op eng heiansdo onverständlech an onverstänneg Aart a Weis eenzel Caféen an eenzel Ouverturen esou ze regelen, datt d'Utilisateuren op eemol net méi erausfonnt hunn, wat fir eng

Logik do entwéckelt gëtt. Ech muss soen, datt et mat Momenter egal wat war.

Elo kënn hie mat enger Proposition de loi, déi vläicht verlockend wierkt, mä déi awer och eng Rei Problemer stellt. Et muss mol nach ee mir eenzel Termen hei dran definéieren.

Hei steet "des structures adéquates". Wien décidéiert dann, wat adequat ass? De Buergermeeschter? Jo! Also, der Willkür ass do menger Meenung no d'Dier grouss op. Dat heescht, hie gëtt d'Autorisatioun oder net, an dat eréischt, wann d'Strukturen adequat sinn. Wat eng Structure adéquate ass, gëtt hei net definéiert.

Ech mengen, datt hei dem Buergermeeschter och ganz vill Pouvoiren zoukommen. Ech kommen do zu deem, wat den Här Mosar hei explizéiert huet. Esou wäit ech weess - ouni Buergermeeschter ze sinn -, hutt Dir a ganz wesentleche Punkten, wei beispillsweis deem vum Zoumaache vun engem Chantier, manner Pouvoiren, wéi Dir Iech Der hei wëllt zouschreiwen, an dat an enger Matière, wou Dir engem Wiert kënn ganz vill schueden. Engem einfach ee Mount zou ze maachen als Buergermeeschter, fannen ech ganz geféierlech. Dat do ass ganz geféierlech!

Ech kéint mir virstellen, datt Dir gesot hätt, tèschent 1, 2 oder 3 Deeg, datt de Rescht awer net an den Hänn vun engem Buergermeeschter däerf leien. Ech gesinn awer net an, firwat mir elo hei Dérogatiounen bei enger Rechtslag maachen an dem Buergermeeschter d'Méiglechkeet ginn, fir en Etablissement ee Mount zou ze maachen. Wësst Dir, wat dat heescht? Dir hutt gesot, datt dat gläichbedeutend mat der Faillite ass. Dat do kann awer och net wäit ewech dovun sinn!

Maacht Äre Café mol einfach esou ee Mount zou. Da ginn Är Clienten iergendwou anescht hin. Hei handelt et sech jo net ëm de Café vum Eck, wou d'Leit all Dag gemütlech hikommen. Dat hei ass jo fir ganz besonnesch Caféen an Etablissementer geduecht. Da kann deen och zoumaachen. Dofir fannen ech, datt déi Pouvoiren, déi hei ausgesprach a vun den Auteurs proposéiert gi sinn, vill zevill wäit ginn.

Dofir wäerte mir eis fir de Moment net heizou ralléieren.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem den neie Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg ugefaangen hat, mam eiserne Biesem ënnert d'Stater Nuetsliewen ze fueren, konnt een effektiv befierchten, datt et a kuerzer Zäit eriwuer wär mam Nuetsliewen an der Stad.

Une voix.- Wéi ass et da mam Nuetsliewen zu Esch?

M. Aly Jaerling (ADR).- Ech kommen nach op d'Nuetsliewe vun Esch. Do kennen ech mech aus.

Une voix.- Den Här Jaerling ass Expär!

M. Aly Jaerling (ADR).- Mir hu fir alles en Expär, an ech sinn ebe fir d'Nuetsliewen zoustänneg.

Et ass dofir ëmsou méi erfreelech, datt grad de Buergermeeschter aus der Stad Lëtzebuerg eng Kéier gemaach huet an ee vun de Co-auteurs vun enger deelweiser Liberaliséierung vun den Öffnungszäite vun deene betroffenen Etablissementer ass. Et schéngt mir awer hei, wéi wann dee Projet sech géif ausschliesslech op d'Stad Lëtzebuerg baséieren, wéi wann en net géif genuch deem Rechnung droen, wat an aneren Uertschaften hei am Land vir sech geet. Ech kommen herno nach dorop zréck.

Wann een och déi Ouverture, déi mat dësem Gesetzesvorschlag soll agefouert ginn, nëmme begrësse kann, esou schielt sech awer bei enger méi geneeër Analyse eraus, datt dat déi effektiv Besoine vun dëser Branche net ofdecke kann. De Projet ass nämlech restriktiv, an deem Sënn, datt d'Liberaliséierung vun den Öffnungszäiten nëmme fir Etablissementer gëllt, déi aus den Agglomérations eraus leien.

Den Här Krecké huet hei virdrun duerchblécke gelooss, datt dat, wat déi Structures adéquates ubelaangt, net kloer definéiert ass. Déi kéint een awer duerch e Règlement grand-ducal definéieren, esou datt een do och kéint kloer Verhältnissen schaffen. Ech géif mengen, datt dat net de Problem ass.

Wann ech gesot hunn, datt sech hei ausschliesslech op d'Stad baséiert ginn ass, esou kéinten an der Stad - wann een den Text esou applizéiert, wéi en elo virläit - nëmmen zwee Etablissementer vun där Neierung profitéieren. Zu Esch z.B. kéint iwwerhaupt keen Etablissement dës Neierung notzen. Eleng déi Tatsaach schaaft eng ongesond Situatioun a riskéiert, eng Rei Etablissementer déi an den Agglomérations leien, an Existenzschwierigkeiten ze bréngen, an dat, andeems anerer virdeelhaft behandelt ginn, wa si kënne méi laang ophalen.

Och hannerléisst dës Projet de battere Goût, datt d'Liberaliséierung vun den Öffnungszäite kann à la tête du client gehandhabt ginn. Ech mengen, dat däerf awer op kee Fall de Sënn vun iergendengem Gesetzesprojekt sinn.

Als ADR gesi mir d'Nuetsliewen an enger anerer Approche. Ech mengen, d'Nuetsliewen huet hei am Land doduerch geännert, well d'Gewunnechte vum Vollek a besonnesch vun deene jonke Leit geännert hunn. Déi Jonk hunn eng aner Liewensphilosophie, wéi eis Elteren an och wéi mir se vläicht haten, andeems si sech méi spéit ameséieren an och méi spéit eraus ginn.

Eis Jonk brauche Méiglechkeeten, fir Damp ofzeloosen, a mir sollen hinnen dat net verwieren an do och eng Rei vu seriösen Ouverturen maachen. Mir sollen also dem Wandel vun der Zäit Rechnung droen an d'Öffnungszäite vun deene Lokaler, wou ee sech ameséieren an défouléiere kann, de Besoinen upassen. Mir sollen d'Öffnungszäite liberaliséieren an déi Geschäftsleit schaffe loossen,

déi gewëllt sinn, hir Etablissementer méi laang opzehalen.

Dëst muss awer selbstverständlech am Schutz an am Respekt vum Mannerjärege, vun den Noperen a vun de bestehende Gesetzer geschéien, déi domat zesummenhängen. Ech mengen, dat ass jidderengem kloer.

Den administrativen Opwand, deen d'Gestioun vun de fräien Nuechten an dësem Gesetzesvorschlag mat sech bréngt, ass einfach ze grouss an dréit där Zilsetzung, fir déi dat agefouert gin ass, net Rechnung.

Och déi Taxen, déi bis elo fir eng fräi Nuecht hu misse bezuelt ginn, an och déi Amendes, déi elo an deem Gesetzesprojet stinn an och wéinst där neier Regelung misse bezuelt ginn, wäerten och net an der Verlängerung vun den Öffnungszäiten erwirtschaft ginn, wann d'Präisser vun de Consummationen net deementspreechend ugepasst ginn. Wann d'Wiert riskéieren, esou Amendes ze kréien, da passe si och hir Präisser deementspreechend un. Ech mengen awer, datt dat op Käschte vun hire Clienten geet, datt dat och net soll den Zweck vun engem Gesetzesprojet sinn.

Dofir gesi mir et als ADR als méi sënnavoll un, wa mir an déi aner Richtung ginn, an zwar a Richtung vun enger totaler Liberaliséierung vun den Öffnungszäiten, esou wéi dat och an anere Länner praktizéiert gëtt.

Ech wëll hei e Beispill ginn, wéi strikt Schléissungszäite kënnen Konfliktsituatiounen erviruffen an d'Nuetsrou méi stéieren, wéi wann e fléissenden Ofgank vun de Clienten géif stattfannen a garantéiert wär. Regelméisseg nuets um dräi Auer marschéiert zu Esch d'Police op der Grenz op, fir Feierowend ze maachen. An där Zäit fënnt een 1.000 bis 1.500 Leit mateneen op der Strooss erëm.

Dass dat bei esou enger grousser Mass vu Leit zu Konfliktsituatiounen féiere kann, dat hu mer all schonn erlieft, an do brauch een net extra hei eng Zeechnung ze maachen. Dat ass eben esou, wa jonk Leit sech ameséieren. Si ginn an hirem Amusement gestéiert a kommen op d'Strooss. Dann hu se eng Rei vun Aggressiounen gelueden, déi se dann dobaussen op der Strooss ausloossen, wat net grad zum Virdeel ass vun deene Leit, déi nuets wëlle schlofen.

Ech sinn einfach der Meenung, dass een d'Nuetslieden ënnert dem Motto "lieden a lieue loosse" soll funktionéieren loossen, soulaang wéi déi betreffen Etablissementer de Jugendschutz, d'Nuetsrou vun den Noperen an d'Sécherheet vun hire Clienten kënnen garantéieren. Ech géif mengen, dass, wann ee mat de Leit vun deenen Etablissementer schwätzt, déi Iech garantéieren kënnen, dat do geschitt, dass och d'Sécherheet vun hire Clienten ka garantéiert ginn.

Iwwert dee Wee géife mer de Gemenge vill administrativen Opwand an deem Beräich erspieren, an och eis Force publique kënnt sech méi wichtegen Aufgaben zouwenden, anstatt nuets iwwerall duerch d'Land missen ze gondelen, fir Feierowend ze maachen.

Dofir si mer als ADR der Meenung, dass een d'Öffnungszäite vun den Etablissementer einfach misst total liberaliséieren an déi Leit schaffe loossen, déi wëlle schaffen.

D'Propositoun ass zwar e Schrëtt an déi richteg Richtung, mä si geet eiser Usicht no net wäit genuch, well se den effektive Besoine vun deene betraffene Geschäftsleit an och vun deene Leit, déi sech ameséieren wëllen, net genuch Rechnung dréit.

An deem Sënn wëll ech am Numm vum ADR eng Motioun abréngen, déi d'Regierung opfuert, Proposen a Richtung vun enger totaler Liberaliséierung vun den Öffnungszäiten vun de précitéierten Etablissementer ze maachen.

Ech soen Iech merci.

Motion 1

La Chambre des Députés

considérant que

- *la vie nocturne est un élément essentiel de l'attractivité d'une ville et de sa convivialité;*
- *la vie nocturne fait partie du patrimoine de celle-ci;*
- *la vie nocturne reflète les modes de vie changeant d'une société, tant par la nature des attractions qu'elle offre, que par les modalités selon lesquelles elle s'organise;*
- *la vie nocturne s'adapte au train de vie des citoyens, plus particulièrement à celui des jeunes et ne débute le plus souvent qu'à partir de minuit;*
- *les taxes de nuits blanches sont excessivement élevées face aux revenus des commerçants;*
- *l'impact administratif de gérance de nuits blanches est assez important et nullement en relation avec l'objectif visé;*

invite le Gouvernement

- *à étudier respectivement proposer des mesures visant une libéralisation des ouvertures des établissements visés par la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets, ceci en respect des dispositions visant le repos nocturne des habitants et la protection des mineurs.*

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.

M. le Président.- Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech weess net firwat, mä meng Fraktioun huet mech designéiert, fir zu där heite Proposition ze schwätzen.

(Interruptions diverses)

Här President, ech ka vläicht effektiv aus méi Erfahrung schwätze wéi aner Leit heibannen. Et wäert Iech vläicht dann awer e bësse wonneren, dass eis Fraktioun trotzdem eng aner Positioun huet wéi déi, déi elo vu ville Virriedner zum Ausdrock komm ass. Mir mengen, datt d'Liewensqualitéit an de Gemengen an och an de Wunnquartiere vun de Gemengen eppes ganz Wichtige ass, an dat gëllt souwuel fir déi Leit, déi an d'Bistroe ginn, wéi fir déi Leit, déi op der Plaz wunnen. Dofir setze mir eis schonn zënter Joren a fir Mesuren, déi dat Zesummeliewen tëschent Bistrogänger an der Bevölkerung, déi ronderëm wunnt, méi einfach maachen.

Dofir begrëisse mer och prinzipiell déi Proposition hei, déi zumindest emol de Mérite huet, datt se e Problem thematiséiert, deem een net soll verniedlechen, well dat ass eppes, mat deem verschidde Leit a verschiddene Quartiere vun der Stad all Dag konfrontéiert sinn, an och hir Kanner, an dat ass sécherlech eppes, wat onangenehm ass a wou ee muss no Léisunge sichen.

Wann ee sech de Problem Nuetsliewen ukuckt, da gëtt et am Fong dräi Beräicher. Dat eent ass dat, wat sech innerhalb vun de Caféen an den Discoen ofspillt, dee Kaméidi, deem do gemaach gëtt. Ech kann Iech do e Beispill ginn. Ech war leschte Freideg géint halwer eng an der Nuecht an engem Bistro an der Hollerecher Strooss. Do soutze mer op der Terrass, an do war et esou haart, datt een net konnt matenener schwätzen, duerch déi Musik, déi bannen am Sall gemaach ginn ass. Mir wollten dunn d'Dier zoumaache vun där Terrass, mä du krute mer gesot, dat géif net goen, well soss géif keng Loft méi erakommen. Dat sinn ongeféier déi Zoustänn, déi zum Deel an deene Bistroe herrschen. Dat huet sécherlech och ganz vill mat der Infrastruktur ze dinn,...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech fannen, déi Gréng fänken un al ze ginn!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- ...wou ech denken, dass ganz vill ze maache wär, wou och Bistrosbedreiwer Effort maachen, mä et gëtt der awer och eng ganz Rei, déi der net genuch maachen, wou se nach kënnte Verbesserung maachen.

Deen anere Beräich ass dee vun den Alentouren, an dat betrëfft dann haaptsächlech déi Leit, déi mat hirem Humpen am Grapp baussent der Dier stinn, vrun de Bistroe. Dat gëtt et och alles. Dat ass eiser Meenung no eppes, wat net misst sinn, wou et selbstverständlech ass, dass e Bistrosbedreiwer muss seng Clienten drop opmierksam maachen, dass dat net geet, an och dofir muss suergen, dass esou Saachen net geschéien. Niewent dem Kaméidi, deem doduerch entsteet, maachen déi Leit och oft ganz vill Dreck. Dat si Saachen, déi een einfach emol muss feststellen.

An da gëtt et deem drëtten Volet. Dat ass d'Verkéiersproblematik. Déi ass hei schonn e bëssen ugeschwat ginn. Do entsteet engersäits och Kaméidi, mä wou awer och duerch Falschparken eng ganz Rei vu Problemer, och Sécherheetsproblemer, entstinn, mat deenen ee sech muss beschäftegen.

Dofir menge mir, dass et sécherlech sënnvoll ass, wann eng Proposition de loi hei op den Dësch geluegt gëtt. Allerdéngs froe mir eis, ob se dat Thema hei adequat an ëmfaassend behandelt. Wat déi Hären Helminger a Mosar proposéieren, ass, fir eng Verlängerung vun den Öffnungszäiten ënner gewëssene Konditiounen zouze-loossen. Déi Konditiounen werfen awer Froen op.

Do gëtt z.B. als Konditioun gesot, et misst eng Zone non résidentielle sinn. Här President, ech froe mech e bëssen, wéi eng Zone kënnen dorënner falen. Ech hu mer soe gelooss, dass jee no Gemeng déi Zonenandeelung relativ verschidden ass, dass do keng eenheetlech Dénominéierung an de Lëtzebuerger Gemengen ass.

Ech hu mer de Joly-Plang vun der Stad Lëtzebuerg ugekuckt. Do gëtt et dann z.B. Zones mixtes, wou ee kënnt mengen, dat wieren haaptsächlech Industrie- oder Handwerksbetreiber. Dat ass awer net de Fall. Do gëtt et Beispiller wéi de Garer Quartier, d'Hollerecher Strooss, awer och d'Stroosbuerger Strooss, déi eng Säit, zu Bouneweg d'Rue de Bonnevoie, um Belair d'Areler Strooss, déi ënner Zones mixtes falen.

Wann dat Zones non résidentielles sinn - dat ass eng Fro, déi ech den Auteurs wëllt stellen -, da wieren déi Quartieren z.B. bei deenen, wou ee kënnt esou eng Sondererlabnis kréien. Do stelle sech dann awer Froen, well do wunne vill Leit. Dat si Froen, déi ee misst klären, oder et misst ee méi prezis am Text soen: Neen, eng Zone mixte gehéiert och nach zu de Zones résidentielles.

Eng aner Konditioun, déi hei genannt ginn ass, ass "disposer ou avoir accès à des structures adéquates". Dat betrëfft d'Parkingen. Eiser Meenung no ass dat eng immens onkonkret Formulierung, well wat heescht an deem Fall adequat? Heescht dat, dass fir all Client muss eng Parkplaz organiséiert ginn? Heescht et vläicht, dass e Pendeldéngscht vun engem Park&Ride bis bei de Bistro och vläicht kann déi adequat Struktur schafen? Mir mengen, do misst den Text, dee wierklech an der Praxis kënnt agesat ginn, vill méi prezis sinn, an dee misst sech dann och effektiv dozou ausschätzen, bei wéi enger Gréisst vun engem Lokal wivill Parkplaze musse geschaaft ginn asw. .

Ech wëllt da vläicht nach e puer méi allgemeng Saache soen. Éischtens emol zur Haltung vun de Leit.

Wann ee sech mat de Leit ënnerhält, déi an d'Bistroe ginn, da stellt een zu Lëtzebuerg fest, dass do eng gewëssen Approche ass, fir ze soen: Dat ass dach alles guer net esou schlëmm! Firwat kréie mir hei Protokoller ausgedeelt? Dat stéiert dach keen, wa mir eis nuets falsch parken etc. .

Et huet een d'Gefill, dass d'Leit sech am Fong belästegt fillen, aus Grënn, déi se guer net kënnen novollzéien. Si fille sech souguer ongerecht behandelt, an dat erstaunt eis e bëssen, well am Ausland ass d'Mentalitéit am Fong eng ganz aner. Do ass et selbstverständlech, dass een entweder richteg parkt oder no anere Moyene sicht, wann een owes erausgeet. Mir géifen eis wënschen - a mir begreifen och all Schrëtt, deen an déi Richtung geet -, dass sech dat zu Lëtzebuerg e bësse géif änneren, dass zum Beispill och déi Haltung, fir ze mengen, e Late-Night-Bus wier just fir déi Jonk, sech géif änneren. Dir hutt an anere Metropole wéi Paräis oder Berlin Nuetsbussen, déi voll mat Leit sinn, déi owes op den Tour ginn. Firwat kann dat zu Lëtzebuerg net och esou funktionéieren? Firwat mengen d'Leit, mam Bus fueren ech just, wa mäin Auto en panne ass oder wa soss eppes geschitt ass, dass ech den Auto net ka benotzen; also am Fong eng Mentalitéit, déi selbstverständlech dovun ausgeet, dass een net anescht wéi mam Auto sech och owes ka fortbeweegen.

Dann och d'Onbereetschaft, fir eventuell an eng Industriezon ze goen. Dat ass och eppes, wat ganz oft ugeklungen ass. Mir wellen eis ameséieren, mir wellen dat awer mëtten an der Stad maachen. Dat geet net zesummen! Do muss ee vläicht och nach méi sensibiliséieren, dass dann eben Discoen oder Bistron, wou méi lass ass, net onbedéngt mëtten am Zentrum musse sinn, wou et dann eventuell Leit stéiert.

Wéi gesot, dofir fänne mir Mesurë wéi déi heite vum Prinzip hier positiv. Mir fannen och Mesurë wéi de Late-Night-Bus, deen d'Gemeng Lëtzebuerg agefouert huet, positiv, och wann dat ausbaufäeg ass, och wa vläicht um Niveau vun den CFL zousätzlech Mesurë missten do kommen, fir dass dat wierklech optimal géif funktionéieren. Sécherlech wier et och eng flott Iddi, wann z.B. d'Discosbedreier géifen deene Leit, déi mam Bus kommen, eppes um Präis ausdinn. Do wiere sécherlech nach ganz vill Saache méiglech.

Et gëtt och méi negativ Beispiller an der Stad Lëtzebuerg. Ech denken z.B. un de Stadgronn, wou ech net fannen, dass d'Stad dat verantwortlech mécht, wat se misst maachen. Eiser Meenung no - an dat ass eng Fuerderung, déi mer scho laang opgestallt hunn - misst de Stadgronn einfach fir de Verkéier zougemaach ginn. Besonnesch owes ass dat wichteg. Da misst e Pendeldéngscht systematesch do organiséiert ginn.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech wëllt nach eppes iwwert d'Gesetz u sech soen. Dat hei sinn elo just zwee Punkten, déi par rapport zum Gesetz iwwert d'Cabarete sollen ofgeännert ginn. Mir sinn der Meenung, dass ee méi wäit misst goen. Mir brauche kloer Kritäre fir Genehmegunge vun esou Etablissementen. Mir brauchen eng Definitioun, wat ass e Café, wat ass eng Disco, wat ass e Concertsall. Mir brauchen och Kritären, wat d'Zuel vun de Parkplazen ugeet, wat d'Norme vun den Zoufahrsweeër fir d'Rettungsdéngschter ugeet.

Mir bräichten och Normen, wat d'Personal betrëfft, an do sinn ech e bëssen iwwerrascht iwwert dat, wat den

ADR hei virdru verlautbaart huet, well et geet net nëmmen ëm d'Bistrosbedreier, et geet och ëm d'Personal, dat muss zu onméigleche Stonne schaffen, elo dann nach vläicht zu méi onméigleche Stonnen, a Konditiounen, déi do heesche Kaméidi, Zigarettendamp asw. . Dat ass net esou evident, an och do menge mir...

M. Aly Jarling (ADR).- Do sinn d'Gesetzter jo awer kloer. Ech mengen, doriwwer brauche mer net ze schwätzen. Et ass sous-entendu, wa Personal beschäftegt gëtt: D'Gesetz muss respektéiert ginn.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Ech weess net, Här President, ob et e Kollektivvertrag an deem Secteur soll ginn. Ech stelle just fest, dass do nach laang net alles zum Gudden ass, emol ofgesinn dovun, dass déi meescht Leit emol net ënner legale Konditiounen kënnen schaffen, well d'Patronen net kënnen uerdentlech Aarbechtsgenehmegungen an d'Rei maachen asw. .

Här President, als lescht Propos wëllt ech just nach d'Iddi erabrénge vun engem ronnen Dësch, sou wéi en och am Ausland a ville Gemenge funktionéiert, e ronnen Dësch, un deem souwuel d'Gemeng, d'Bedreier wéi och déi betraffe Bevölkerung an eventuell Jugendorganisationen kënnte setzen, fir déi Problemer, déi sech ronderëm d'Nuetsliewe stellen, vläicht a méi enger sachlecher a manner emotionaler Atmosphär, wéi dat am Moment oft de Fall ass, kënnen ze diskutéieren an och hoffentlech ze léisen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Wann Der domat d'accord sidd, da géife mer déi Motioun, déi den Här Jaerling agereecht huet, als Unhang un d'Proposition de loi hänken an un déi zoustänneg Kommissioun weiderginn.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Proposition de loi 4676 vum Här Alex Bodry iwwert de fräien Zougank zur Informatioun.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Santer, Mehlen a Bausch.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Bodry.

4. Proposition de loi 4676 concernant la liberté d'accès à l'information

M. Alex Bodry (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn am Numm vu menger Fraktioun e Gesetzesvorschlag agereecht, wou et drëm geet, fir e Schrëtt méi wäit ze kommen a puncto Öffnung vun der Verwaltung, a puncto lieweg Demokratie. Et geet ëm de fräien Zougank zu den Informatiounen. Et ass e Wuert, wat de Politiker ganz gären an de Mond hält, dass et wichteg ass, dass d'Leit informéiert sinn, mä an der Praxis gesäit een, dass et eng Rëtsch vu Barrière gëtt, fir wierklech deen Zougank zu den Informatiounen beim Stat,